PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/09/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

D'Stater Oppositiounsparteien hu sech den 21ten September an engem Bréif un d'Madamm Banneministesch gewannt, an dem si d'Ministesch eng weider Kéier bieden, ze intervenéieren, fir datt d'Stater Gemeng d'Konventioun mat der privater Sécherheetsfirma kënnegt. Am Bréif gëtt op déi widderspréchlech Aussoe vun der Buergermeeschtesch an engem Schäffe par Rapport zu den Aufgabe vun der privater Sécherheetsfirma an dem Incident op der Stater Gare vum 4te September opmierksam gemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert d'Madamm Ministesch beim Schäfferot vun der Stater Gemeng intervenéieren, fir de Kontrakt mat der privater Sécherheetsfirma ze kënnegen?

2. Wäert d'Madamm Ministesch beim Schäfferot vun der Stater Gemeng intervenéieren, fir dass kee weidere Kontakt mat enger privater Sécherheetsfirma, deen Aufgaben enthält, déi net vum Gardinage-Gesetz vun 2002 ofgedeckt sinn, méi wäert ofgeschloss ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député